

Beräich vun der Betrëbsbesteuerung kënn minimal Prescriptiounen erloossen, am Ufank mat Unanimitéit an no fënnef Joer mat Majoritéit. Wa mer dat mat Unanimitéit géife feststellen a fir dat kënne virzebe-reeden hate mer e Steuercomité virgeschloen anze-riichten, deen alles dat hätt kënne preparéieren.

Et huet zu mengen Iwwerraschunge gehéiert, dass direkt fënnef Regierungen, iwwregens samt a sonder net vu Biergerleche gefouert, direkt dee Virschlag ofgelehnt hunn als een, deen ze wäit géif goen. Fiskalen Dumping ënnert de Länner wat d'Entreprisè-besteuerung ubelaangt, wat eist Argument war, ass net gëlle gelooss ginn, well de Steuerwettbewerb och bis an Déifte misst méiglech sinn, déi ee mam bloussen Aen net méi kann erkennen. Doduerch, dass mer eng positiv Attitude do ageholl hunn, war et ouni Problem méiglech dat anert, wat geféierlech hätt kënne ginn fir déi national Uleies, ofzelehnen.

Et huet sech bei där Konferenz erausgestallt, souwuel am Verlaf vun Nizza wéi bei der Virbereedung, dass e klenkt Land Intérêt drun huet, statt, wéi muncher, déi sech d'Liewe gären einfach maachen an och, wéi se nach selwer um Drücker waren, duerch d'Einfachheet vun hirem Denken heiansdo opgefall sinn, einfach neen ze soen, mä dass ee soll probéieren Europa virunzebréngen doduerch, dass ee Proposi-tioun mécht, déi engem selwer passen an déi fir anerer acceptabel sinn.

Dat war déi konstant Linn an dëser Regierungskonferenz, déi mer gefouert hunn. An ech hunn d'Freed gehat, zu Nice leschten Enns engem Resultat zouze-stëmme wat gutt ass fir eis a wat duergeet fir Europa, wat gutt fir eis muss bleiwen a wat am europäeschen Deel muss spéiderhin eng Kéier nogebessert ginn, fir dass dat, wat nach net ganz fest ass, méi fest gëtt, a fir dass dat, wat nach net wäit genuch reecht, méi wäit kënnt. A fir dass dat, wat net sécher ass erëm eng Kéier zrëckzefalen, definitiv an op eng irremediabel Fassong a Richtung Zukunft gestallt gëtt.

Ech hu meng Unerkennung ze soen der Aussemi-nistes, déi iwwer vill Méint mat vill Beharrungsver-méige Lëtzebuerger Positiounen mat Däitlechkeet vertraueden huet, an och deene Beamten, haaptsächlech am Ausseministère, mä net nëmmen do, mä virun allem awer eisem permanente Vertrieder zu Bréissel fir eng excellent Aarbecht.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Chamber hält Akt vun der Deklaratioun vum Här Premier- a Statsminister.

#### 4. Ordre du jour

Wat déi parlamentaresch Aarbecht vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz en Ordre du jour proposéiert, deen Iech schrëftlech zoukomme gelooss gouf.

D'Chamber siégéiert haut de Mëtteg, muer Mët-woch um 9.00 Auer an nomëttes um 14.30 Auer, an iwwermuer en Donneschdeg och um 9.00 Auer an um 14.30 Auer.

Um Ordre du jour steet:

- de Projet de loi 4700, de Statsbudget vum Joer 2001 - Riedezäit nom Modell 6;

- d'Chamberskonte vun de Joren 1998 an 1999 - Riedezäit nom Modell 1;

- de Projet de loi 4400, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vun der Korruptioun - Riedezäit nom Modell 1;

- de Projet de loi 4681 iwwert d'Centres de Géria-trie a Centres pour personnes âgées - d'Riedezäit nom Modell 1;

- d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4734 vum Här Alex Bodry iwwert de Congé associatif;

- d'Interpellatioun vum Här François Bausch iwwert d'Fiscalité à finalité écologique - Riedezäit nom Modell 1.

D'Interpellatioun vum Här Bausch ass op en Donneschdeg 14.30 Auer festgeluegt.

Ech froen d'Chamber, ob se domadder averstanen ass?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dann hu mer op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg d'Debatt iwwert de Statsbudget vum Joer 2001.

Et sief uganks nach drun erënnert, dass de Statsrot säin Avis complémentaire haut de Mëtteg unhëlt an dass d'Adoptioun vum Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun fir e Freideg, de 15. Dezember virgesinn ass.

D'Riedezäit fir d'Budgetsdebatten ass nom Modell 6 festgeluegt. D'Riednerlëscht gëtt verdeelt, esou dass ech se net nach brauch virzedroen.

Als éischte Riedner fir haut de Mëtteg ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

#### 5. Projet de loi 4700 concernant le bud-get des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (Suite)

*Discussion générale*

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, Dir Damm an Dir Hären. Ech wëll virop soen, dass mer frou sinn, dass de Statsminister hei eng Rei Erklärungen ginn huet zu den Accoren, déi op deem laangen an och oft laangwierige Sommet um Weekend d'lescht Woch

zu Nice fonnt gi sinn. Hien huet virun allem mam europäesche Brëll dës Accoren hei kommentéiert, mä et muss ee se och aus Lëtzebuerger Siicht gesinn, wat en elo just méi subsidiaresch gemaach huet.

Aus Lëtzebuerger Siicht, mengen ech, misst ee feststellen, dass d'Regierung mat deem heemkouw wat d'Parlament u sech hei virun e puer Wochen an enger Debatt gefrot hat, sech gewünscht hat a wat d'Regierung och versprach hat, fir sech dofir anzesetzen. Wann een dat aus Lëtzebuerger Siicht kuckt, esou ass et fir Lëtzebuerg e gudden Accord. Ech géif soen, e ganz gudden Accord, virun allem och well et der Verhandlungsdelegatioun gelongen ass, fir op deem kriddelege Punkt, deem de Statsminister virdrun ugefouert huet, den Artikel 135, a wou e gesot huet, dass een net esou richteg verstanen hätt ëm wat dass et gong, eng Léisung ze fannen.

Ech mengen, jiddereen hat verstanen ëm wat et hei gong. Hei louch d'Kromm an der Heck. Hei hätt et kënne fir eis geféierlech ginn, wann déi franséisch Propositionen duerchkomm wäeren. Nëmme duerch d'Ofwiere vun dëse Propositione maachen d'Beschlëss vu Feira a vum Ecofin-Conseil vu viru 14 Deeg Sënn.

Mir wäerten an deenen nächste Méint d'Geleeënheet kréien op dës Accoren zrëckzekommen, net zulescht wann et ëm d'Randifizierung geet an dofir denken ech, misste mer elo och vun deene villen Zuelespillen, déi et zu Nice gouf, bei d'Zuele vun eisem Budget kommen.

Här President, Budgetsminister hei zu Lëtzebuerg ze sinn ass net onbedéngt en einfachen Job, mä et ass dach awer, mengen ech, e relativ agreablen Job.

Dem Parlament e Budget kënnen ze presentéieren, an dat iwwer Joren, deem am Equilibre ass, ouni Defizit, mat enger Statsschuld, déi verschwindend kleng ass, Investitiounsfongen, déi gutt dotéiert sinn a wou d'Méiglechkeeten ëmmer erëm do si fir se weider ze dotéieren, an doriwwer eraus och nach Sputt ze behale fir Akzenter ze setzen, dat, mengen ech, ass dach awer schonn eng agreabel Aufgab.

Et ass dat och, Dir Dammen an Dir Hären, en Zoustand vun den öffentlechen Finanzen, vun deem déi vill, virun allem sozialisteschen Finanzministeren an Europa nëmme kënnen dreemen.

Et gëtt, Här President, eng Rei vun Ursaachen fir dee blendenden Zoustand vun de Statsfinanzen an ech denken, dass de Gros vun de politeschen Formatiounen an dësem Haus fir eng Kéier d'accord ass, fir ze soen, dass dëst net e Resultat vun deem ominösen CSV-Stat ass.

Eng vun den Ursaachen - an ech denken, dass dat déi primär Ursaach ass an ech erlabe mer déi ze widderhuelen, n'en déplaise à quelques-uns -, ass ganz sécher déi roueg an iwwerluegte Budgets-, Finanz- an och Steuerpolitik, déi vun deene successive Regie-

rungen an deene leschten 10-15 Joer gemaach ginn ass.

A wann ee sech d'Budgetsdebatte vun deene leschte Joren eng Kéier ukuckt, respektiv noliest, da kënnt een net derlaanscht fir heiansdo ze schmunzelen, heiansdo awer och de Kapp ze rëselen.

Vun de belsche Verhältnissen bis zu enger falscher Steuerpolitik, vu kenger Visioun fir d'Zukunft bis zu verfeelten Akzentsetzungen: d'Oppositioun huet hei am Haus kaum jee e gutt Hoer un der Finanz- a Budgetspolitik a streckeweis och un der Steuerpolitik vun der Majoritéit gelooss.

*(Interruption)*

Ech schwätze jo vun där Zäit, Här Asselborn. Dir musst nolauscheren! Ech hunn hei vun deene successive Regierungen vun deene leschten 10-15 Joer geschwat. Wann ech mech richteg erënnere waart Der do dobäi. An ech schwätze vun deem Resultat, dat déi hannerlooss hunn a vun der Ierfschaft, déi dës Majoritéit ugetrueden huet, an ech denke bis elo, Här Asselborn, dass ech nach keng Kritik un der sozialistescher Fraktioun duerchblécke gelooss hunn.

D'Resultat ass e ganz anert wéi dat, wat d'Oppositioun hei ëmmer virausgesot huet. Ech hunn Iech et virdu beschriwwen.

Mä et gëtt, Här President, eng éischt, mä awer och eng wesentlech Viraussetzung, wa mer eis öffentlech Finanzen an deenen nächste Jore gesond an op héijem Niveau an an deem Equilibre wëlle behalen, dee mer haut kennen, da sinn déi Accoren, déi an deene leschte Méint, notament zu Feira an och um Ecofin-Conseil zu Bréissel an net zulescht dee vum leschte Weekend zu Nice eng Grundviraussetzung.

Déi europäesch Politik huet am Domän vun der Fiskalitéit an deene leschte Joren eng onwahrscheinlech Dynamik entwéckelt, a parallel zur europäescher Denkévolitioun huet och hei zu Lëtzebuerg e Prozess vu Repositiounéierung stattfonnt, deem zu engem Iwwerdenke vun eiser al bekanntener Verweigerungstaktik an dësem Beräich gefouert huet.

Dëst gouf vu villen Observateuren enregistriert a begréisst an erlaabt et dem Land, sech aus dem Eck vun dem steuerpoliteschen Paria an Europa erauszeféieren.

De Kompromëss, Här President, dee fonnt ginn ass, och wann e wäit ewech ass vun där maximalisteschen Positioun, déi Lëtzebuerg nach virun e puer Joer an dëser Problematik ageholl huet, ass, europäesch gesinn, e gudden Accord an ass fir eist Land kee schlechte Kompromëss.

Wa mer dovun ausginn, an ech denken, dass mer dat alleguer maachen, dass d'Bank- an d'Steiergeheimnis kee Schutzschëld dierfe si fir kriminell Energien, respektiv Steuerflucht, a wa mer weider dovun ausginn, datt d'Gerechtigkeit gebitt, datt net nëmme

de Revenu vun der Aarbecht, mä och de Revenu vum Kapital - an hei vum ganze Kapital - ze besteieren ass a muss besteiert ginn, da féiert kee Wee laanscht déi Pisten, déi zu Feira, respektiv um Ecofin-Conseil arréiert goufen!

Dat Ganzt mécht awer nëmme Sënn, wa se alleguer matmaachen, sougutt d'Drëttstate wéi d'Territoires dépendants, an dofir ass den Accord vu Bréissel, vum leschten Ecofin, och e gudden Accord, well déi Konditiounen, déi zu Feira ofgemaach an ausgehandelt gi sinn, sech an deem Kompromëss erëm fannen!

Här President, den Haaptconcernéierte vun där ugestrieffter Zënsbesteierung an der Unioun, de Banke-secteur, huet duerch de Mond vu sengem President a vu sengem Direkter der Regierung Blumme gestreet. Si hunn hir bescheinegt, eng glécklech Hand gehat ze hunn! Si hunn hiert Verhandlungsgeschéck gelueft, an net méi spéit wéi haut de Moien huet den Här Thiel nach eng Kéier, och a Bezuch op Nice, gesot, datt a puncto Verhandlung iwwert d'Fiskalitéit an Europa gutt geschafft gi wär, datt Solutiounen erauskomm wäeren, mat deene d'Bank- a Finanzplaz Lëtzebuerg kéint liewen.

D'Lëtzebuurger Regierung huet, Här President - an dat wësse mer alleguer heibannen -, zanter 97, zanter dräi, véier Joer eng Strategie entwéckelt, ugefaange mat de Froen ëm d'Betriebsbesteierung, de Code de bonne conduite, de Co-Existenzmodell bis hin zu deene Konditiounen, déi zu Feira zrëckbehale goufen, eng Strategie, déi et erlaabt huet, fir eis Finanzplaz fundamental Jalone festgeschriwwen ze kréien.

Den Accord vum Ecofin vu Bréissel, dee sech gref-féiert op d'Accore vu Feira, gouf, sou wéi ech dat virdru gesot hunn, begréisst, virun allem vum Banke-secteur. Wat allerdéngs bis elo opgefall ass, dat ass, datt ee virun allem aus dem politesche Lager, vun der Oppositioun hei am Land, bis elo nach net ganz vill zu deenen Accoren héieren huet, an ech hunn och festgestallt, datt sech gëschter bei der Kommentéierung vum Resultat vun Nice vu Säite vun der Oppositioun zrëckgehalé ginn ass an éischter méi kritesch Téin mam europapolitesche Brëll ugeschloe goufen, wéi datt déi fir eist Land dach awer wichteg Elementer och gebührend ervirgestrach gi wäeren!

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- War dat da falsch, wat mer gesot hunn?

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Et war net falsch, mä et war awer net komplett! Dir hutt Iech, Här Asselborn - well Der mech just hei ënnerbriecht -, wéi ech haut de Moien an enger Zeitung gelies hunn, virun allem driwwer geërgert, datt dat soziaalt Europa zu Nice net virukomm ass! Ech muss Iech awer soen: ...

(Interruption)

...Zu Nice soutze bal nëmme Sozialisten - oder ganz vill Sozialisten -, an ech weess och, datt Dir e puer Deeg virdrun zu Nice dobäi waart, am Virfeld,

wéi d'sozialistesche Leaderen dee Sommet do preparéiert hunn! Do hätt ech geduecht, datt Der Ären Afloss geltend gemaach hätt, fir datt dat soziaalt Europa méi schnell virukomm wär! Mir stellen awer fest, datt grad just - Dir bedauert dat - op deem Niveau net ganz vill geschitt ass!

Déi zwou eenzeg Reaktiounen, déi ee bis elo ...

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Här Weiler, erlaabt Der just eng Remarque?

Här President, ech hunn dat net gesot! Ech hu gesot, dass déi Leit, déi zu Nice op d'Strooss gaange sinn, net op d'Strooss gaange sinn, fir dass all Land soll e Kommissär behalen, dass d'Unanimitéit soll erhale bleiwen an Däitschland grad souvill Stëmme hu wéi Frankräich, mä dass déi Leit op d'Strooss gaange sinn, fir hir sozial Aspiratioun vun Europa ze manifestéieren. Dat heescht, et gëtt, ob mer dat wëllen oder net - ech sinn do selbstverständlech mat en cause, well ech Politiker sinn -, en Décalage tëscht deem, wat d'Politiker fir Europa maachen, an deem, wat d'Leit vläicht vun Europa erwaarden!

Wann een dat net méi däerf soen, ouni direkt eng Polemik ze déclenchéieren, dass Sozialisten un der Spëtzt si vun Europa, dann deet et mer leed! Mä dat ass d'Realitéit, mengen ech, Här Weiler, mat där mer eis als Politiker mussen offannen!

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Très bien!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Wann Der nach e puer Joer waart, da kënnt Der vläicht soen, et wär deene Konservativen hir Schold!

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo!

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Et si keng Konservativ méi do! Et kann deenen hir Schold ...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Allerdings! An dofir bleift dat soziaalt Europa gelungenerweis op der Streck!

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Majo, da musst Der den Här Aznar froen, dass Der viru kommt!

**Une voix.**- Wann et sou einfach wär!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Jo, sou einfach war et fir Iech fréier, mä fir Iech ass an deene Saachen näischt méi einfach! D'Luusspättereit, och an der Europapolitik, ass definitiv eriwuer!

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Oh, d'Luusspättereit! Mar de Mëtte soen ech Iech eppes anescht vun der Luusspättereit!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Ech wollt, Här President, hei d'Wellen net héich schloe loossen! Ech wollt och keng Polemik maachen! Ech stelle just fest, à moins datt ech dat de Moien am Tageblatt falsch gelies hunn, datt den Här Asselborn gesot huet,

d'soziaalt Europa wär zu Nice nees eng Kéier net viru komm!

Or, et wäert awer da sécher nach erlaabt sinn, fir ze soen - well mer jo awer wëssen, datt et eng Rei vu Regierungschefe gëtt, déi zanter Joren um sozialen Europa schaffen -, datt do awer vill Sozialiste ronderëm den Dësch soutzen, a wann dat net de Fall ass, da muss ee jo awer d'Fro vun der Responsabilitéit därfe stellen!

*(Interruption)*

Här President, ech wollt soen, datt mer bis ewell vu sozialistescher Säit näischt héieren hunn iwwert dat, wat zu Nice erauskomm ass fir Lëtzebuerger, bei den Accore vu Feira, um Ecofin-Conseil, ob déi Strategien, déi entwéckelt gi sinn, déi richtig sinn oder net! Ech denken, datt d'Sozialisten am Kader vun där Debatt - well hei geet et fundamental an implizit ëm d'Lëtzebuerger Statsfinanzen - hir Meenung wäerte soen!

Fir eis Fraktioun steet op jidde Fall fest: Déi Beschléss, déi getraff gi sinn op deenen dräi Plazen, vu Feira iwwer Bréissel op Nice, hunn der Lëtzebuerger Finanzplaz gutt gedoen, well se vill Drock vun hir erofgehall a se aus dem Feld vum permanente Beschoss erausgefouert hunn. D'Lëtzebuerger Finanzplaz, Här President, iwwerlieft och ouni en éiwegt, komplett a waasserdicht Bankgeheimnis! Si ass méi staark, méi facettäräich a méi kompetitiv wéi sou!

Mir fannen, datt d'Regierung hei e gudden Match gespillt huet, an déi steierpolitesch Beschléss vun deem Joer mussen - a si wäerten et och - e Schlussstréch zéien ënner engem jorelaangem Bedrängnis an deem Domaine. Mir kënnen endlech och an Europa mat eise Partner iwwer aner Saachen schwätzen, wéi ëmmer nëmme mussen ze erklären, firwat mer am Dossier vun de Steiere géife blockéieren!

Mä ech hunn dann awer, Här President, trotzdem eng Wuertmeldung aus dem sozialisteschen Lager gelies, an erlaabt mer awer kuerz, op déi anzugehen. Den Här Goebbels huet sech jo zu Wuert gemellt! Den Här Goebbels, deen a senger fréierer Identitéit als Spitzekandidat vun enger sozialer Partei sech wollt fir dee klengen Mann setzen an eigentlech eppes misst hu géint d'Auswucherunge vum groussen Kapital, mécht sech an deem Artikel zum Champion vum absolute Bankgeheimnis!

*(Interruption)*

Dat ass schonn en impressionante Virgang, Här President, besonnesch wann een zousätzlech bedenkt, datt den Här Goebbels enger Fraktioun am Europaparlament ugehéiert, déi vun enger europäescher Partei ofhänkt, an där 12 vun deene 15 Uniouns-Regierungschefen och Member sinn, an zwar Sozialisten a Sozialdemokraten, déi, sou wéi eis franséisch Noperen, ëmmer am schäerfsten op eis geschoss hunn!

Den Här Goebbels mengt, d'Regierung a virun allem hire President hätten d'Land verroden, an d'Land steet - sou wéi een am Artikel muss liesen - a fällt - wann et dem Här Goebbels no geet - mam Bankgeheimnis fir d'Net-Résidenten. Fir e Sozialist, Här President, ass dee Raisonement dach awer zimlech king, well et nëmme wéineg, wann iwwerhaapt eppes, mat deene fundamentale Grondsätz ze doen huet, déi d'sozialisteschen oder sozialdemokrateschen Politik sollen oder mussen inspiréieren!

Den Här Goebbels huet, verglach mat 1989 a mat deem, wat de Jacques Santer an där Regierung, wou den Här Goebbels dobäi war, deemools gemaach huet, gemengt, den Här Santer hätt deemools méi am Intérêt vum Land geschafft, wéi dat elo de Fall gewiescht wär, a mir hätten elo missen d'selwecht Haltung anhuelen, wéi dat 1989 de Fall war!

Ech muss Iech soen, Här President: Wann een dat liest, da muss ee sech awer d'Fro stellen, ob den Här Goebbels vergiess huet, datt zanter 1989 d'Zäite sech total geännert hunn! An deenen 11 Joer, déi zënterhier vergaange sinn, ass eis Finanzplaz regelrecht explo-diéiert, an déi massiv Ufeindungen, deene mer permanent ausgesat sinn, speziell och a Bezuch op eist Bankgeheimnis, hu stänneg zougehall! Eise Spillraum an der Unioun ass parallel dozou ëmmer méi enkginn, an deen Dossier gouf mat enger Intensitéit a mat engem Nodrock verfollegt, wéi dat bis 1989 ni de Fall war! Eis Méiglechkeeten, fir Lëtzebuerger als eng Insel an der Unioun ze erhalen, goufe permanent an ëmmer méi intensiv a Fro gestallt.

Dogéint konnt een u sech net méi vill maachen, à moins datt een eng total Oppositioun gemaach hätt, eng radikal Oppositioun, wéi an der Zäit déi englesch Regierung ënnert der Mme Thatcher dat gemaach huet, mä eng radikal Oppositioun ass eppes, wat eis nach ni gutt zu Gesiicht gestanen huet, wat mer nach ni konnten, wou mer nach ni Champion dra waren, wat eis en fin de compte och net gutt zu Gesiicht gestanen hätt als klengstem Member vun der Europäescher Unioun!

Fundamental Oppositioun kann ee vläicht maachen, wann ee Regierungschef vun engem Land mat 60 Milliounen Awunner ass, mä radikal a fundamental Oppositioun géint eppes mécht sech ganz schwiereg, wann een de Verrieder, de Regierungschef oder d'Équipe vun engem Land mat knapps enger halwer Millioun Leit ass! Dat, wat 1989 ënnert dem Jacques Santer gemaach ginn ass, war ënnert dem Ëmstänn vun där Zäit richtig; et wär haut awer net méi richtig! Haut ass a bleift richtig, datt een duerch eng konstruktiv Approche Dossiere muss débloquentéieren an domat dem Land Spillraum erhalen, dee mat prinzipieller Verweigerung ganz sécher géif verluer goen, an dat zum Schued vum Land!

D'Accore vu Feira a Bréissel, déi mer, fir eis, zu gudden Konditiounen erreecht hunn, hunn eise

Vertrieder et dach schlussendlech zu Nice erlaabt, mat vill Glafwierdegkeet, ouni datt se sech ëmmer erëm eppes hu missen ënnerstelle loossen, hir Positioun ze definéieren an notamment déi franséisch Propositionen zréck ze weisen. Et war dach d'Glafwierdegkeet, déi hei ganz vill matgespillt an d'Haltung vun der Regierung a Bezuch op dës Propositione justifiéiert huet!

Dofir, muss ech soen, Här President, versteet een net, wéi den Här Goebbels als fréiere Member vun der Regierung - hie war jo bei der Definitioun an der Ausaarbechtung vun där Strategie vun der Regierung dobäi - kann zu sou Aussoe komme wéi deenen, déi en an deem betreffenden Artikel gemaach huet.

Ech wëll zu dësem Kapitel,...

*(Interruption)*

...fir ofzeschléissen, nëmmen nach eent soen, Här President:...

*(Interruption)*

...D'Beschlëss vu Feira a vu Bréissel kënnen natierlech - ech wende mech do un de Budgetsminister, deen heifir zoustänneg ass - net méi négociabel sinn! Mir dierfen a kënne keng Neiverhandlung vun den Drëttstate-Klauselen, sou wéi se elo arrétéiert sinn, zouloossen, a wann d'Schwäiz, Liechtenstein oder och anerer net matspillen, dann dierf natierlech och zu Lëtzebuerg d'Bankgeheimnis net falen!

Eis steierpolitesch Positiounen sinn arrétéiert. Mir hunn déi arrétéiert, well mer se fir richtig fonnt hunn, mä et geet natierlech schlussendlech net ëm e gréisst-méigleche Leidenseffekt, dee mer fir eis selwer wëlle produzéieren! Wann et natierlech eis eleng soll un de Kolli goen, da muss de Match ofgepaff ginn! Da muss et zum Veto kommen, deen den Här Goebbels gär gehat hätt, mä éischter awer ganz sécher net!

Voilà, dat, Här President, zu deem Kapitel! Ech kéim dann awer méi prezis bei de Budgetsprojekt.

*(Interruption)*

Jo, dat hei, Här Asselborn, huet ganz vill - a vill méi nach, wéi mer mengen - mat de Statsfinanze vun haut...

*(Interruption)*

...a virun allem mat deene vu mar ze dinn!

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Déi proeuropäesch Astellung ass ganz interessant ze héieren, an och déi Evolution an der CSV, wéi dat alles geschitt ass!

*(Interruption)*

Ganz interessant!

*(Interruptions diverses)*

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här Fayot, ech sinn ëmmer frou, wann Dir mech ënnerbriecht, well ëmmer pertinent Remarque vun Ärer Säit kommen!

*(Interruptions diverses)*

Den Här Goebbels hunn ech während 15 Joer, an deene Regierungen, wou en dobäi war, ganz oft a bal ëmmer als e ganz raisonnable Mann ëmfonnt, dee mat zwee Féiss um Buedem stoung a seng Positiounen wosst ze verdeedegen! Datt en elo an dësem Artikel zu dësen Aussoe koom, wonnert mech, a wann ech mech sou laang domat opgehalen hunn, dann ass et, well ech bis ewell aus dem sozialistesche Lager nach näischt héieren hunn!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Elo geet et awer geschwënn duer!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Wa mer jo do mol eppes...

*(Hilarité)*

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Dir liest eis Communiquéen net!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- De Statsminister, Här President, huet hei wéi laang gesot, mir hätten intervenéiert an eis korrekt beholl; also musse mer eppes gesot hunn, soss wär et jo net méiglech gewiescht! Also!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Dat ass richtig! Dir hat e Communiqué gemaach!

**Une voix.**- Ma ja!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Och dono hu mer eis korrekt beholl!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Dat Eenzezt, wat ech gesot hunn, ass: Ech hu keng Appréciatioun vun Ärer Säit bis ewell...

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Oh, wat hätt Der da gär? E bësse Wäirauch?

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Neen, mä Dir hätt jo awer mol kënnen apprécieieren a soen,...

*(Interruption)*

...ob Feira, Bréissel an Nice gutt oder net gutt gewiescht wären! Den Här Krecké...

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här Weiler, Enn 2002 wësse mer méi!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Da kucke mer!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Équivalent an datselwecht... Da kucke mer!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Ech wëll just hei soen, dass d'sozialistesche Partei sech an där Fro der Regierung géint-iwwer mustergültege verhalten huet,...

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ma ja!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- ...sou wéi se dat och um Enn vum Joer 2002 ouni all Zweifel wäert maachen!

*(Interruption)*

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Neen, Här President, ech hu guer net de Contraire gesot!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dir hutt nëmme vun engem Member geschwat! Eis Partei huet eng Meenung dozou, an déi hu mer geäussert!

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Dir schwätzt hei vun Artikelen, déi an Zeitunge stinn!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Also, ech kann Iech och all gudde Broutdag en Artikel vun engem vun Ären Artiste bréngen! Also, dat do ass jo...

*(Hilarité et interruptions)*

D'Meenung vun der Partei a vun der Fraktioun...

*(Interruption)*

...hu mir ausgedréckt, an dat ass se, fäerdeg!

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Här Weiler, e Land léisst sech net op

e Bankgeheimnis reduzéieren, an eng Partei och net op e Spëtzekandidat!

**Une voix.**- Voilà!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Dat ass richtig! Ech muss awer soen, Här President, datt ech virdrun...

*(Interruptions)*

...an der Ausféierung vum Statsminister gemengt hat, eng Remarque an déi Richtung ze verspiere wéi déi, déi ech elo méi breet ausgefouert hunn, wéi hie se virdrun ausgefouert huet. Ech hunn och hei zu kengem Moment d'Haltung vun der sozialistescher Partei en tant que telle kritiséiert.

*(Interruption)*


Ech hu just gesot, datt ech bis haut keng Appréciation vun deene Resultater, déi erreecht gi sinn, konnt vu Säite vun de Sozialisten héieren. Ech hoffen, datt dat haut an dëser Debatt geschitt!

Dir braucht net mam Wäirauch hei ze operéieren, Här Krecké, mä Fairness, mengen ech, géif awer commandéieren, och d'Fairness am politesche Geschäft, wann emol eng Kéier eppes riichtgeet, dass een dat och kann unerkennen.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Emol eng Kéier!

*(à suivre)*

Interpellation de M. Aly Jaerling dans le cadre d'un débat de consultation sur la représentativité syndicale <i>(Suite)</i> .....	pages 649 - 682	Heure d'actualité au sujet de l'évolution du dossier ESB après le Conseil des Ministres de l'Agriculture de l'Union européenne .....	pages 733 - 748
Communications .....	page 683	Dépôt d'un projet de loi .....	page 736
.....	page 698	.....	page 747
.....	page 775	Projet de loi 4685 relatif à la construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg .....	pages 748 - 761
Ordre du jour .....	pages 683 - 685	.....	pages 762 - 774
.....	page 779	Hommage à la mémoire de Monsieur Alphonse Hildgen, député honoraire	pages 761 - 762
<b>Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001</b>		Dénomination de la Commission des Affaires étrangères et européennes ...	page 775
<i>Rapport de la Commission des Finances et du Budget</i> .....	pages 685 - 697	Déclaration de M. le Premier Ministre Jean-Claude Juncker sur le Conseil de l'Europe à Nice .....	pages 775 - 779
<i>Exposé du Gouvernement</i> .....	pages 698 - 708	Questions au Gouvernement .....	pages jaunes 145 - 160 au milieu du compte rendu
<i>Discussion générale</i> .....	pages 779 - 784		
Interpellation de M. Alex Bodry sur le soutien à apporter au bénévolat ..	pages 708 - 732		
Dépôt d'une proposition de loi .....	page 712		
.....	page 761		

	<b>21<sup>e</sup> séance (Suite)</b>	<b>Présidence</b> <b>M. Jean Spautz, Président</b>
	Mardi 12 décembre 2000	

**Ordre du jour (Suite)**

5. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Discussion générale - Suite*)

6. Dépôt d'un projet de loi

7. Projet de loi 4700 (*Discussion générale - Suite*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

## 5. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (Suite)

*Discussion générale (Suite)*

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Här Weiler, ech wollt lech just drun erënneren, a mä Kolleeg Jeannot Krecké hat dat net bis zu Enn gesot, dass hei viru kuerzer Zäit de Statsminister op Ärer Plaz do stung a gesot huet, dass dee Communiqué, deen d'sozialistesch Fraktioun a Partei gemaach hat a Saache Feira, dass dat him gehollef huet, fir esouguer e grouesse Mann wéi de Chirac an d'Knéien ze kréien a fir eis Intérêten ze verteidegen. Dat huet den Här Statsminister hei, net nëmmen duerch d'Blumm, mä riichter aus gesot. Also kann eis Positioun virun Nice nèt déi falsch gewiescht sinn, an och eis Argumentatioun no Nice.

Här Weiler, ech weess net, wat Dir nach alles braucht. Dir selwer, Dir sidd dach d'Partei vun den Oeilleten, dann denkt lech déi alleguer. Mir hu Rousen. Déi sinn heiansdo e wéineg pickeg. Mä haalt op mat deene ville Blummen, déi Dir wëllt vun eis kréien.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, ech hunn d'Impressioun wéi wann d'Kolleegeen op der sozialistesch Bänk net richtig verstanen hunn oder net wëlle verstoen, wat ech soe wollt. Ech hunn zu kengem Moment hir Attitude hei attackéiert. Ech hu just gesot, dass mer keng Appréciatiounen, keng positiv a keng negativ, héieren hunn. Domat schléisse mir dat of an ech kommen zum Rapport vun dem honorablen Här Graas, deem ech wëll merci soe fir dee Rapport, deen en der Chamber presentéiert huet.

Den Här Graas huet drop verzicht, fir e wëssenschaftlechen Aufsatz ze schreiwen, mä en huet a sengem voluminöse Rapport eng ganz Rei vu konkrete Problemstellungen analyséiert, détailléiert a kommentéiert. En huet eng gutt Aarbecht gemaach. En huet vill Aarbecht gemaach, an ech wëll him ausdrécklech

vun dëser Plaz am Numm vun eiser Fraktioun merci soe fir dat, wat en iwwer Méint a ganz ville Sitzunge geschafft huet.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech kann lech een Artikel zitëiere vum Här Jean-Marie Meyer dozou, dee just de Contraire seet. Et ass ee vun Äre fréieren Artisten.

*(Interruptions diverses)*

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Ech wëll den ausdréckleche Merci vun der CSV-Fraktioun fir dëse Rapport bréngen.

De Budget an och de Rapport vun der Finanzkommission sinn e Spigelbild vun deem gesonden Zoustand vun eisen öffentleche Finanzen. Déi uerdentlech Recetten decken net nëmmen déi lafend Dépenses, mä si erlaben et och, den Total vun den Dépenses en capital ze decken, an och nach substantiell Dotatiounen an den Investitiounsfongen ze tätigen. D'Scholdelaascht ass niddreg mat 28 Milliarden. Si ass zum Deel gedeckt mat 17 Milliarden, dat heescht, dass d'Schold en fin de compte sech op eng ronn 10 Milliarde reduzéiert, wat en terribel klenge Prozentsaz ass par rapport zum PIB. Derbäi kommen d'Reserven, déi an deene ville Fongen ugeluegt sinn.

D'Finanzkapassitéit vum Stat, déi u sengem Solde financier muss gemooss ginn, ass largement excédentaire. Finanz- a budgetspolitesch stinn also d'Zeechen op Kontinuitéit, eng Kontinuitéit, déi och am Koalitionsaccord zréckbehale gi war.

Et gëtt just ee Punkt, wou dëse Budget sech vu senger Virgänger ënnerscheet. Nei ass, dass beim Opstelle vum Budgetsprojekt op der Säit vun den uerdentleche Recetten eng manner verhalene Aschätzung gemaach ginn ass, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war. Ob dës méi gewote Aschätzung zréckzeféieren ass op d'Kritik, déi an deene leschte Joren a Bezuch op